# D'Ro'semendchen

<u>Virwuert</u>



Herold: virum 1.Akt.

Et war virum sechshonnert a me' ewe' fofzeg Joer. Démols huet et an onsem Land nach ganz anescht ausgesinn ewe' haut. Gro'ss Böscher go'w et iwerall am Land a stark Burgen hun trotzeg hir mächteg Tirm gewiesen. D'Raubritter hun zu dér Zeit d'Leit an d'Angscht gedriwen an et go'w och vill Leit de' un d'Hexen gegléwt hun.
Dun huet sech zu Letzeburg am Grengewald dat ofgespillt, wat dir elo he'ert.
De' kleng Prinzessin Ro'semendchen war schon als klengt Kand vun drei Joer bei engem Spaze'ergank sengen Le'wen Elteren gestuel gin a war bei frieme Leit ennerbrueecht an huet do seng Kannerjoren verbruecht bis zum Alter vun élef Joer. Du get enges Nuechts dat klengt Haus, wo' d'Ro'semendchen geliewt huet vun Reiberen iwerfall an a Brand gestach. Voll Angscht léft d'Kand an de Besch, wo' et sech wöllt verstoppen, a wo' et geschwenn sech ganz verîrt huet.

---

virum 2. Akt.

D'Wichtel hâten de' zwé Kanner an hir Hiel geholl, a scho geschwenn waren si erem hél a gesond. De Prenz huet sech op de Wé gemacht fir erem no hém ze kommen op d'Grofeschlass no Letzeburg. D'Ro'semendchen ass awer nach bei de Wichtele bliwen. Dach et hält et net me' lang de ganzen Dag an der Hiel aus. Fresch a montergét et op d'Sich no Kreider fir d'Wichtel.

---

virum 4.Akt.

All Siche war emsoss. Wochené a méndlang hun de Prenz an d'Wichtel de Besch durchstreift. Vum Ro'semendchen keng Spur. Et go'w Hierscht a Wanter, et go'w nés Fre'joer a Summer, kén Mensch wo'sst wo' d'Ro'semendchen wir. So' gét é Joer nom aneren erem: de Prenz ass e jonge Ritter gin. Dach vun Zeit zu Zeit durchstreift hien de Besch a frét bei de Wîchtel no, op si nach neischt vum Ro'se=mendche fond hätten. Dach d'Ro'semendchen ass nu schon sîwe lânger Joer gefângen, ugestekt un eise Ketten, an engem Prisong, de'f am Besch.

1. Optrett.

Al Fra: (kennt a re'ert an enger Pännschen)
Ech re'eren de Brei fir en Edelmannskand
an ech héschen al Affratant
(setzt sech a wescht de Schwéss of) Sollen dann haut keng friem Handelsleit hei durch de Besch kommen, deé mir eppes ze ver= denge gin. T'muss én sech dach aremse'leg durch d'Liewe schlon. We' sét d'Sprech wuert: d'Konscht gét héschen. Eso' gét et alle brave Leit
(schmacht de Brei) Ei, we' gudd!

2. Optrett.

Ro'semendchen: (kent lues erbei a sicht Erdberen. Gesiet d'Fra, erschrekt) O, Mamm, eng Hex, eng Hex!

Al Fra: (ganz le'w) Komm hier mei Kand, ech dun dir neischt. Ech sin och ken Hex, we's du mengs. Kuk, ech bi blo'ss eng arem Fra, de' den Leiden aus der Hand liest, komm hier mei Kand a fert net, ech hun nach kengem eppes zu leds gedon.

Ro'semendchen: ech gesin dir sit eng gudd Fra, an ech well ech mei Led klon. Onst Haus ass metten an der Nuecht vu Reiber iwerfall a geplennert gin. Vun Angscht sin ech an de Besch gelaf. Elo sin et ewell drei Deg an ech wéss net me' wo'hin a wo'her.

Al Fra: Da komm, da welle mir emol kuken, wat die am Liewe befirstét. Vleicht kann ech dir son op nach e Glecksstär fir dech blenkt. (Si höllt seng Hänn a bekukt se) Mei Kand du bass ennert der Kro'n gebueren! Mä da wärs du jo eng kleng Prinzessin. E Fluch ass ower iwert dech ergang. Du bass dengen Elteren hirt énzegt Kand an iwert engem Spaze'ergank bass du hinnen entrass gin. Si selwer go'fen vun déne Reiberen gefange geholl an hirer Krô'n berâft.

Ro'semendchen (kreischt) o, meng arem Elteren!

Al Fra: Kreisch net mei Kand. Ech liesen aus denger klenger Hand, dass dir nach vill Gleck am Liewe befirstét. An ech versecheren dir dass du och nach eng Kro'n dre's.

Ro'semendchen: Eng Kro'n ?

Al Fra: Jo, eng Kro'n. Du rettes engem Prönz d'Liewen an dé belo'nt dech dofir. T'ass ower nach net eso'weit. Du erliews virdrun nach schlö Dég. Ech gesinn e Prisong. 7 Joer. Sich mat Gotteshöllef se z'erdron, well denk un dein gro'sst Gleck. So' mei Kand, dat wär alles, wat ech dir soe kann . A wanns du spe'der gleklech bass, dan denk och u mech, de' dir d'Wo'recht sét an de' se géren d'Hex nennen.

Ro'semendchen: Villmols merci. Ech werd schon un ech denken!

Al Fra: Hei mei Kand, huel de Brei, an iess, du bass secher hongerech.

Ro'semendchen: Né, merci, ech hu mech scho sât Erdberen giess.

Al Fra: Huel blo'ss mei Kand. Dé Brei ass aus Beschwurzelen gekacht. Eso' gudd has du nach kén giess. A setz meng Pännchen, wanns du ferdeg bass, duer bei dé Bâm. (Stét op) Awuer mei Kand, loss der et gudd gon (gét)

Ro'semendchen: Merci, Awuer. (setzt sech, esst de Brei an nodem sét et)
O le'w Mamchen, kens du elo dei Ro'semendchen gesinn, we' et elng a verloss hei metten am Bösch stét.
Du Land wo' ech gebueren wo' ech gespillt als Kand.
O wesst ech dach nuren wo' bass du Hémechtsland?
Eng Kro'n hat ech a Reichtom a Seid a Sam'ten Räck
Vill goldgebird Bedengter mat sche'ne giele Fräck
O Papp o Mamm wo' sid dir Vleicht lang ennert der Ierd
Wär och èrt Kand gestuerwen dat elo durch d'Länner irt.
(drekt de Kapp wider e Bam a Kreischt)

Ro'semendchen(sengt): Iwer mir net e Stierchen.........
(duerno kukt et em sech) Wo' soll ech mir des Nuecht e Bettche
Man? a, elei hin(weist op eng Plâtz)
a nun mei Nuetsgebied.(kne't nidder, fâlt d'Hänn a bied):
Owens wann ech schlof gin 14 Engelen mat mir gin
2 zu Kapp 2 zu Fe'ss 2 zu Menger rechter Seit,
2 zu Menger lenker Seit
2 solle mech decken 2 sollen mech wecken
2 solle mech fe'eren zum Himmlesche Paradeis. Amen.
(et mecht ganz lues e gro'sst d'Kreiz, lét sech op d'Mett vun der
Bün hin a schle'ft

3.Optrett.

De Schutzengel(könnt lues mat gefelten Hänn a sengt): et gét durch d'Welt
en Engel..........
(duerno set en) Schlof gudd mei Kand a Gottes Hand
du fends erem dein Hémechtsland!
(gét of)

4.Optrett.

Prenz:(an Juegdcostüm mat enger Lanz) Mei Gott heut dé Besch da kén Enn!
Wann ech net iren da wor ech schon op deser Plaz. et léft én an der
Nuecht an eso' engem gro'sse Besch ower och emmer am Krés erem.
(e gét hin an her a gesiet d'Ro'semendchen) o, hei leit e Kand,
vleicht ass et vun engem Wollef zerrass( kne't ne'er a lauschtert
nom Otem) Wat e Gleck, den Otem gét richteg, et schle'ft nemmen.
Awer we' kennt dat Kand heihin? Wo' kennt hir? Vleicht huet et sech
och verirt, well an desem Bösch ass neischt on me'glech. Wat soll
ech elo man.---- Ech mengen, ech lén mech och hei hin an ech passen
op, dass kén wöllt De'er him eppes dét,
(e verstoppt sech hannert engem Bam)

5.Optrett.

Hugo a Klaus(kommen erbei)
Hugo: So', endlech ass dén ons och an d.Fâl geläf. dé verklot mech keng zwéte
Ke'er beim Grof vu Letzeburg. Ma soll kén seng barbaresch Krésch gehe'
ert hun?
Klaus: Här Ritter sot wat dir wöllt, mä dé Kérel hat e verflucht ze't
Liewen. Nun d'Glek war ons gensteg. Mir hun dach elo net emsoss
acht Dég am Rén an am Wand op e gelauert.
Hugo: O kuck, do leit e Kand, a wat ass dat?
Klaus: Här Ritter Losse mir emol Kucken op et nach Liewt? Jo, ech he'eren et
Nach otmen.
Hugo: Dann hiew et op, an huel et mat. Wie wéss, firwar et nach ze brauchen
ass. Ech gin elo viraus kucken op d'Loft frei ass. Wann ech dir
peifen, hells de et op den Arm a kens mir no( Hugo gét fort)
Klaus: Wahrhafteg , t'ass kén iwelt d'Kand. Du kenns mir grad ewe' gewenscht
Ech gammse schons lang no dir.
Prenz(sprengt op) Fré dech net ze fre', du ro'de Bîschtert, du haus d'Rech=
nung de' Ke'er o'ni de Wirt gemacht. (et Peift)
Klaus: Aha, d'Loft ass frei.(en hiewt d'Kand op)
Prenz: O Mamm, dén ro'den Neischtert helt et matt. O, Gott,loss mech en
treffen( e werft seng Lanz, de Klaus get blesse'ert)
Klaus: a wat der Donner héscht dat do? (dre't sech em) Wars du dat, du Bo'w?
Da ward dech helt elo der Deiwel.(Zidd den Dolch a get op de Prenz
lass)
Prenz: Hellef, Hellef! (si ringen)

Ro'semendchen(hiewt d'Lanz op a stecht de Klaus nidder. We' en do leit, falt et d'Hänn a sét) O Gott an Himmel verzeih mir, ech hu jo misste stechen soss wir mei Retter verluer gewéscht.

Prenz: Hofffentlech ass dir neischt geschitt! Ech hat mech hier geluegt fir dech ze bewâchen. Wat e Gleck soss wärs du vun dén ro'den Reiber entfe'ert gin.

Ro'semendchen: Ech sinn dir e gro'ssen Dank schölleg, Duerf ech wössen we' ass d in Numm?

Prenz: Ech sinn de Prenz Dausendsche'n. An du?

Ro'semendchen: Ech nenne mech Ro'semendchen. O, jé, ech gesinn du bass un der Hand verwonnt, du bluts jo.

Prenz(hiewt d'Hand, a we' en d'Blud geseit) verbann mir et se'er, ech get mir eso' drolech. Hal mech un (e fällt schwach)

Ro'semendchen: O, mei, mir ass et och ganz schlecht( lét sech och op de Bued

6.Optrett.

d'Wichtelcher kommen erbei gelaf.

Meki: Hei ass et wo' én em Höllef geruff huet.

Schnuki: Jo, zwé Kanner sin et

Nuki: Kommt, losst mir se mat hém huelen

All Jo, jo, jo.

Bommel: a wat gesinn ech: Dat ass onse Prenz Dausendsche'n, dén sech secher am Bösch verlâf huet.

All: Dén arme Prenz!

Bonzel: Hei e bludd jo. Ech mengen et muss hart erof gânge sin.

Schnuki: Meki, Nuki, Bommel a Bonzel, git se'er zwo' Drobire sichen. (4 Wichtel of) Wat soll hei wuel firgânge sinn? Kuck do leit én (weisst hin) Wâre mir nemmen eröm fort. T'ass én eso' kleng, t'fârt én. Aha do kommt der schon.

De' 4 Wichtel: Jo hei si mer.

7. Optrett.

Wichtelkinnek: (kennt lues erbei): a wat ass hei lass?

Schnuki: Ma Kinnek, hei leit de Prenz Dausendsche'n an e le'wt klengt Médchen. De Prenz ass un der Hand verwonnt an dodurch secher schwâch gefall.

Kinnek: O.Mamm o Kanner.! Da loss mer machen, dass mir se viv hém kre'en. Kommt hir Nuki a Bommel, huelt dir de Prenz, Schnuki a Bonzel, stellt éch heihin a lét dat klengt Médchen op d'Bir.

Rido-----Enn vum 1.Akt.

*Diolrun nicolen (?) Zipfel-*
*kianz fir den Herold -*
*Kradum fir den Engel*
*Lang fir de Prenz -*

## II.Akt.

### 1.Optrett.

Ro'semendchen(setzt mat engem Kränzchen um Scho'ss a schle'ft. No e puer Ablek erwecht et a reiwt sech d'Aan): We' gudd heut mir dé Schlof gedoen. (Bend de Kränze ferdeg) Prenz Dausendsche'n, dé Kränzchen hun ech fir dech gebonnen, fir den Dank, das du mech eso' gudd behit hues. Ech léen de Kränzchen heihinnen, dén kén aneren fanne soll we's du (kesst de Kränzchen a lét en duer)

### 2.Optrett.

(An Hannergrond schleicht de Klaus durch de Besch)

Ro'semendchen: An elo well ech nach e le'we Buké fir mein le'we Wichtel= kinnek pleken, well en eso' gudd an eso' behellefclech wor(plekt Blummen) An de' le'w Wichtel, all woren se eso' le'w ge'nt de Prenz a ge'nt mech. Elo get et Zeit dass ech gin soss sin se all an der Angscht öm mech.(wellt goen, get awer durch de Klaus ver= hennert)

Klaus: Wo'hin, du Dotschle'esch? A, du kenns vum selwen an d'Fâl.(Lacht) Hahahahah

Ro'semendchen: Hellef, Hellef.Barmherzege Gott, hellef mir!

Klaus: Elo sés du mir emol, wo' dé Bo'w hikom ass. (drét) a, dir zwé. Hat dir gemengt, ech wär do't? Ma des ke'er gés de mat! (reisst d'Kand un der Hand mat fort)

Ro'semendchen: Hellef, Hellef, Hellef! (of)

### 3.Optertt.

Prenz(rifft ganz traureg) Ro'semendchen, Ro'semendchen. --- Mei Gott, nirgends ass et ze fannen. Ech he'eren neischt. Ro'semendchen,Ro'semendchen ----- Keng Antwert. Neischt. Wirwat hun dech de' domm Wichtelcheroch aus hirer Hiel erausgeloss? Ech hat hinnen dach streng ubefuel, dech nie eleng ze lossen. --- Ech ko'm a gro'sser Fréd heihin gelaf fir dech gleich mat hém ze huelen, an elo bass de guer net ze fannen. Du wärs mir eng le'w Schwesterchen gin, an mein Papp wär och dei Papp gewéscht. (setzt sech) ech well nach e we'neg hei ausro'en, well des Platz hei am Besch ass mir de' le'wst gin. Hei ro(t Segen, hei heut d'Rosemendchen mei Liewen gerett an hei well ech als Undenken sei Bild a weissen Marbelstén oprichte lossen. Em de Kapp soll et e Lorbierkranz droen, we' et enger Heldin zo'kent.(Geseit de Kränz= chen virun sech leien) O, we' sche'n! Merci villmols Ro'semendchen! Ech werd de Kränzchen e'weg versuergen. Nu kuck, da war d'Ro'semendchen och hei. D'wert em dach op dem bei Wichtelcher zreck du neischt geschitt sin.

6.Optrett.

Al Fra : (Schwäzt fir sech selwer)

Prenz : A wat iergert der Iech eso Giedel?

Al Fra : O, t'ass wo'er. T'ass én geschwönn hei am Bösch senges Liewes net me' se'cher. Fre'er wor dat net eso'.Dat muss ech soen, ewell d'Halschecht vu mengem Liewen hun ech hei am Bösch zo'bruecht.All Dag he'ert én,dass Leit vu Reiber iwerfall gin, a ké Mönsch wés wo' de' Band sech ophällt.

Prenz : Ma Giedel wat fir eng Neiegkét wor dann de' lescht de' dir gewuer sit gin.

Al Fra :E Reiber soll sech mat engem Kand,wat hart gekrasch huet, durch de Bösch gemach hun.

Prenz : (Fir sech) O Gott, wann dat nemmen d'Ro'semöndchen net wor. (Setzt sech hin)

Al Fra : Ma des Deg hun ech engem klenge Medchen d'Wo'recht aus der Hand gelies. Hoffentlech werd et dat net sin.

Prenz : (firwetzeg) Ma wat huet dir him da gesot,Giedel?

Al Fra : Wart emol,ech muss mech emol bedenken.Alles wés ech net me! Wart, et ass eng verwenscht Prinzessin;dem seng Elteren vu Reiberen gefange go'wen,soss erenneren ech mech neischt me'.

Prenz : Ma, Giedel,kenn dir mir dann och soen,wat mir an nexter Zeit bevirstét?

Al Fra : Ma gewess,mei Jong!Dat ass jo mein Handwierk,recht gieren. (D'Al Fra liest d'Handlinien)Aha,dat ass jo d'Kro'n,d'Zepter an d'Le'ft.Du mei Prenz,verlangers no engem klenge Medchen, dat ower dese Moment gefange gehal get. Du.geseis et er'escht no 7 Joer erem.Dat Klengt verlangert sech bal do'd no dir an d'huet schwe'er Zeiten durchzemachen.

Prenz : (zo sech selwer) O Ro'semendchen,kent ech dir hellefen,we' glecklech wär ech.

Al Fra : Du wors an enger Gefor,de' dech dei Liewe kascht hätt wa se net durch rechtzeiteg Höllef verhitt gi wär. Eng sche'n lang Lieweslin profezeit gudd Gesondhét a langt Liewen.Du bass enert der Kro'n gebuer,an du wärs spe'der nach iwert e Vollek herrschen,un der Seit vun enger Kinneksduechter,de's du dir scho selwer gewielt hues.Eso',dat wär alles.(De Prenz get der Fra e Portmonné.)

Prenz : Heit Giedel,huelt dat fir er me'.

Al Fra : (Mecht e Knix) We' genére's. Merci villmols mei le'we Prenzchen.Eddi,bis en anert Mol.(get of)

Prenz : Arwuer Giedel.(Niddergeschloen)Ro'semendchen,o Ro'semendchen, ech well dech sichen,an eremfannen.

~~[illegible]~~

R I D O . Enn vum 2. Akt.

# III. Akt.

## 1. Optrett.

5 Wichtel setzen an der Wichtelhiel ze schaffen: Meki bitzt un enger Box, Bonzel ersielt e Puer Schong, Schnuki fleckt en Kiem, Nuki reiwt en Döppen blonkeg, Miki stêt do nozekuken an hält den Deckel vum Döppen an der Hand.

All sangen zesummen d'Wichtellid. Mir sin di klengen Wichtelcher –

Miki: Elo sidd dir awer secher geschwenn mat der Arbecht ferdeg.

Schnuki: Na, mir hun dach Zeit, den Kinnek an de Bommel sinn dach och nach net erön.

Nuki: Wo' de' nemmen eso' lang bleiwen? D'get geschwenn deischter an si hâten gesôt si wiren virun der Nuecht erön.

Meki: Si fannen d'Ro'semendchen jo dach not. Virwat solle mir dann nach weider sichen?

Bonzel: Dat mengs du eso', Meki, mir gin et net op, mir mussen d'Ro'semend=che fannen.

All: Jo! Awer wo'?

## 2. Optrett.

Bommel (könt mam Frenz Dausendsche'n erun): Gudden Owend

Miki: Hu dir eppes fond?

Frenz: O nen, le'we Wichtel, ech sinn do(tongleckleck.--- Sidd dir och all Dag an de Besch nom Ro'semendche kuke gang.

Schnuki: O.jo, ömmer sin der vun ons ennerwé, bal desen, bal dén. Du geseis onse Kinnek ass och nach net erön. An de Bommel hues du schwer am Besch begé'nt.

Frenz: Ech soen iech och dofir merci, le'w Wichtel. Sicht emmer virun, all Dag, well mir mussen d'Ro'semendchen erömfannen. A wesst och, mei Papp, de Grôf vu Letzeburg mecht dén, dén d'Ro'semendche fond, e sche'nt Geschenk.

Nuki: O, dat ass flott. Mir gin ons all gudd drun mam Sichen.

Frenz: Elo muss ech hém gon. Awuer! Ech kommen geschwenn eröm kuken.

All Awuer Frenz Dausendsche'n!

## 3. Optrett.

Bommel: Ech sinn zevill trauroeg. (fänkt un ze kreischen) Et werd dach net do't sin. (silen all hir Arbecht eweg a kreischen)

Meki: (höllt d'Lanter a fänkt se un an stellt se an d'Mett vun der Hiel) Meng le'w Bridder......(usw. op Blât 7, 1. Optrett)

## III.Akt.

### 1.Optrett.

(Wichtelcher setzen an hirer Hiel a kreischen)
Meki: Meng le'w Bridder halt dach eng Ke'er op mat dém Gekreischs. Dat brengt ons dat le'wt Ro'semendchen dach net me' erem.
Schnuki: T'werd dach ké'Wollef et gefriess hun?
Nuki: O, dann hätte mer schon e Steck vun sengem Räckelchen am Besch fond.
Bommel: Vleicht huet et sech och nemmen an dem Besch verirt a kent muer erem. (Paus)
Bonzel: (werft sech op de Buedem) ech stierwen, ech spieren et, ech verlangere nech do't nom Ro'semendchen.
Schnuki: Dat muss é son, wo' d'Ro'semendchen wor, huet d'Sonn geschengt.
Nuki: Meng le'w Jongen, tre'scht iech, muer gi mir alleguerten an de Besch a mir sichen all Eckelchen aus, an da werte mir onst le'wt Ro'semendchen schon eremfannen.
Bommel: Du hues Recht le'wen Nuki!

### 2.Optrett.

Kinek: Gudden Owend, meng le'w Wichtel!
All Gudden Owend Kinnek!
Kinnek: Nujé, net grad eso' traureg, dir wesst och mir leit dat alles ewe' e schwe're Stén um Hierz. Huet dann nach kén eppes vum Le'we Ro'semendche gehe'ert?
Schnuki: Kinnek, ech férten, et ass him en Onglek geschitt.
Kinnek: Leider hun ech bis elo emsoss no him gesicht.
Schnuki: Kinnek, ech féten et ass en Onglek geschitt
Nuki: Virun enger halver Stonn wor de Prenz Dausendsché'n hei, e war eso' traureg an en heut ons op neits befuel, all Dag am Besch nozekuken.
(Kinek reselt de Kapp a kreischt)
Bommel: Jo an en heut gesot, de Kinnek, sein Papp, le'ss eng Belo'hnong ausstellen fir dén, dén d'Kand erembrengt.
Bonzel: An hätt hien dat och net gesot, mir hätten och eso'fleisseg gesicht.
Kinnek: Brav, dat hues de gudd gesot, mei Jong. Mir sichen a mir fannen d'Ro'semendchen, do't oder lieweg, a sollt et honnert Joer daueren.
Meki: Nu lauschtert emol, gudde Kinnek. Kén vun ons get sech Ro', bis mir d'Ro'semendchen fond hun. Awer losse mer elo de' schwarz Gedanken emol dobaussen, an da sange mir ons d'Wichtelliddchen. Vleicht klappt et dan op émol un der Dir an eran kent d'Ro'semendchen.
All: (sangen): Kling, kling, klang ... (Sang)
Kinnek: So' dat war sche'n. Ma elo ass et Zeit, fir das mer all schlofe gin. Well muer de muerge gin et Fre'biren, da musse mir ons op d'Sich vum Ro'semendche machen.
Gudd Nuecht a schloft gudd, meng Wichtel!
All: Gudd Nuecht, Kinnek (Si setzen sech all, a fänken un ze schlofen)

Rido.------- Enn vun 3.Akt.

## IV. AKT.

Prisong,halwe Bösch.

### I. Optrett.

Ro'semendchen als erwuesend Medchen kuckt aus sengem Prisong mat Truelgen zur Fenster eraus,an zitt den Otem schwe'er.

### 2. Ootrett.

Hugo a Klaus kommen do am Gespre'ch.

Hugo : (Klappt dem Klaus op d'Schöller)So,Klaus,mei Plang ass ferdeg an ech hun e'schter keng Ro'h a keng Rascht bis dass ech en ausgefe'ert hun.

Klaus;A wat fir é Plang ass dat dann,Herr Ritter!

Hugo : Haut sollen se den Hugo kenne le'eren,nach haut den Owend get d'Rubinsburg iwerfall an da sin ech mat engem Schlag de' mächstechsten an de' reichste vum Land.I280 hat ech d'Burg eso' weit an der Hand,awer ech hat net gerechent,dass de Kuno mat eso' vill Verstärkung noke'm,soss haten se se net kritt.Nu kennt ech ké bessere Moment fannen fir den Iwerfall we' haut den Owend. De Grof ass an de Krich gezun a soss ass kén dorömmer eso' king fir é Kampf mat mir opzehuelen.T'ass jo och kén Irwen me' do.

Klaus: Ma dach,irrt Iech net,Herr Ritter,d'Prinzessin Ro'semond liewt nach.

Hugo : We' dann dat?

Klaus: Dir wösst jo,dat Kand dat mir démols am Bösch fonnt haten,sollt ech jo nobrengen.Ech go'w durch e Bo'w iwerfall a krutt zwé Lanzeste'ch an de Reck,é vum Bo'w an é vum Medchen.De Schmatt vum Möllerdall huet mech am Bösch fonnt a mech erem an d'Rei gesat.Du,we' ech erem gudd wor,dû wort dir an de Krich.Ma ech sün der Prinzessin nach eng Ke'er am Bösch bege'nt du huet et ower gerubbelt.Ech hun et matgeholl an em drei Dag neischt z'iesse gin,an du ass et hir an dese Prisong geflun,wo' et nach sötzt.

Hugo : Ma da mach,dass et Loft gemach kritt.Den Owend irr ech seng ~~Elter~~ Eltre-Burg stirmen le'ss et lieweg als Hex verbrennen.Sei Kirper soll ons als Fackel dengen an d'Gegend an d'Wéen belichten. Bestell de Scharfrichter,dass e gleich kent.T'ass zwar schued, t'muss e sche'nt Kand sin awer t'stét am Wé an t'muss dru glewen

### 3. OPTRETT.

5 Wichtel kommen aus dem Bösch.

ALL: Ro'semöndchen,Ro'semond,Siwe Joer siche mir dech,le'wt Kand,
A mir hun dech nach net fonnt.Ro'semöndchen,Ro'semond!

Ro'semöndchen,Ro'semond,Ons kleng Fe'ss si scho ganz wond.
Komm erem dach an onst Land,Ro'semöndchen,Ro'semond!

Ro'semöndchen,Ro'semond!Nuecht an Dag ma mir ons Mond!
Honnert Jor hänke mir drun,d'Welt ass gro'ss an d'Weltt ass ronn!

Meki : O watt!Kurasch Jongen!Losst mer d'Sichen net opgin!Elo siche mer scho 7 Joer,a lafen Dag fir Dag durch de Bösch vun engem Enn zum aneren!

Schnuki; Jo Meki,an nach ömmer hu mir dat aremt Kand net Fonnt.

Bonzel : An de Kinek kreisdht sech d'Ae blann.An platz 7 Joer schengt en der 20 me' al ze sin.

Ro'sem.: Ech he're Stömmen(dreckt d'Stir an d'Truelgen)Mé,mé,sin dat net meng trei Wichtelcher,meng Frenn.Pst,pst,pst!

Meki : Stöll,huet dir elo neischt gehe'ert!

Ro'sem.: Schnuki;Meki,Nüki,Bonzel a Bommel!Hei ass Ert Ro'semöndchen;ech sötzen hei am Prisong gefang, a soll nach haut als Hex verbrannt gin.

Schnuki: O Ro'semöndchen,Ro'semöndchen!Endlech hu mer et(lafen dogin) Wat solle mer machen,wat solle mer ufänken?Dü mein énzegt, hirzegt,le'wt Ro'semöndchen! hu mer dech endlech fonnt!

Ro'sem.: Jo,meng le'w Frenn,mé ech si ganz onglecklech a gefangen!Wat mach der all?Hutt dir neischt me' fum Prenz Dausendsche'n gehe'ert?

Meki : Jo,mir sin all monter an de Prenz Dausendsche'n ass erem bei sengem Papp um Schlass.En ass ganz traureg,dass mir dech net erem fonnt hun an onse Wichtelkinek och!Hien ass ganz al gi vi Verdross.

Ro'sem.: Meki,wells de mer e Gefale machen?Da laf eso' se'er we's de kanns zu dem Prenz a so,dass ech hei sin,ech ge'w e nach ger gesin,well ech muss geschwön stierwen.

All : Jo mir lafen all matenaner.

## 4.OPTRETT.

Scharfrichter;(kennt vun enger Seit an de Bösch) Me' schwe'er we' haut ass mir mein Handwierk nach net virkomm. E jongt Medchen vun e Joer er uechtzeng soll ech verbrennen,a wat eso' sche'n ass we' en Engel.

## 5.OPTRETT

Al Fra : (De' iwert der Ried aus dem Bösch kennt an dat lescht nach gehe'ert huet.) A wien soll dat sin?

Scharfr.:Git erem wo( der hirkommt sitt,al Hex.

Al Fra :Ma ech muss dach och gesin wat hei virgét!

Scharfr.:Soss geng et jo net,wann dir d'Nues net an alles stieche gengt!

Al Fra :(zum Scharfr.dén hir de Reck dre't)E jongt Medche soll e verbrennen,a wat soll dat da verbrach hun.En do't gemach,dat kann dach bal net meglech sin.Eso' e jongt Kand,an eso' schlecht Vleicht och net.Vleicht ass et op falsch Aussoen vun engem Neischnotz fir eppes beschöllegt wat et net gemach huet.Nun t'siew dann,ech gin et jo dach gewuer.

Scharfr.:(Guddmiddeg zum Ro'sem.)Huet dir Iech mam Herrgott an d'Rei gesat gesat,dir stitt kurz virun erem Do'd.Hätt dür nach vleicht é Begier?

Ro'sem.:O'et wären e puer Perso'nen de' ech nach geren erem gese'ch,ower ech wés net wo' se sin.

Al Fra :(De'dorömmer getröppelt huet,kent,kuckt d'Ro'sem.lang un;Opgeregt Jeses,Marja,Jo'sebett,ech kennen dat Médche do;Wann ech ner iren dann hun ech dém als Kand d' o'recht gesot.Aremt Kand,wat hues d du da gemach fir eso' weit ze kommen?

Ro'sem.: (zum Scharfr.)Erlab dir,dass ech e puer Wuert mat der Fra schwätzen

Scharfr.:Gewess,t'ass ere leschte Wonsch!(get of)

Ro'sem.: Jo le'w Fra,kuckt mech gudd!Ech sin d'Ro'semendchen,ower Er Konscht ass de' Ke'er fél geschlo̲n.

Al Fra :Solle mer dann net nach eng Ke'er an d'Hand kucken.Vleicht dass...

Ro'sem. :O't'ass net me' ne'deg!Wann en eso' weit ass we' ech,da muss e Wonner gesche'en.Losst de' Sach sin a lauschtert mer no.A wann dir de Prenz Dausendsche'n emol selwer bege'nt da sot em e bon= jour vu mir a verzielt em eng Geschicht,a sot e soll emol hei an do u mech denken.

Al Fra :Jeme Gnoden,do kent jo den Hugo!Jo,dat ass en.

## 6.OPTrett;

Hugo,Klaus,Scharfrichter a Knappen..

Hugo :So'fir wat dauert de' Sach haut eso' lang?Wärs du och ger e Kapp me' kurz,dahn dreck dech nach e we'neg!

Scharfr.:Verzeiht,Herr Ritter,mais hiewt dach Erbarmen mat dem arme Kand!

Hugo :Nach é Wuert,an ech splecken dir de Kapp,du Hond!Allé eweg, op de Kuop Holz.......eso' a nu stech et un!Wat werd et ons elo Grimasse schneiden!Hahaha------

Scharfr.:(Wellt den Holzsto'ss ustiechen,ower e get durch de Prenz verhene henert.)

## 7.OPTRETT:

(Prenz als joge Ritter mat Vollek a Gefoleg.)

Prenz :Wat get hei vir?Du Hugo!Wat wölls du hei?Wölls du dir nach ént weider op d'Gewösse lueden?(Kuckt op d'Ro'sem.)Ass de' Schold drun?

Al Fra :Ma se'cher a kén aner?

Prenz :Du,den durch d'Gnod vum Grof Kuno vum Do't begnadegt go'ws,fir deng Schlechtegkéten de's du verbrach hues,wells du hei am Bösch dir hémlech nach e Muerd oplueden?Elo ge'w d'Geléenhét sech jo emol bidden, wo' mir ons vis-à-vis stin,de' Opfer all un fir ze rächen!

Hugo :(dre't em de Reck mat zyneschem Lachen a greift nom Degen):Ech sin ömmer Kampfberét.Komm;mé dei Liewe gehe'ert mir.T'ass nach ké bei mir chape'ert!Ha,den Hugo le'ert dech fechten!

Prenz :Hurs du Lomp de Mutt mat mir de Kampf opzehuelen? Da komm!(Se duelle'eren sech,den Hugo fällt.)

Prenz (Zo' sengem Gefoleg)Drot en hir an d'Fieschterhaus a losst em de Schmatt vum Möllerdall kommen.Wann en erem hirgestallt ass,da wieselt en d'Platz mat deser Gefangener,wo' e scho lang hige=he'ert.(D'Gefolleg gét mat em of,d'Vollek danzt vu Fréd a gét mat dem Scharfr.of)

Al Fra :(reift sech d'Hänn)Aha,Prinzessin,Ro'semöndchen,haut sin de' 7 Verwönschongsjoeren iwerstan,elo könnt~~eg~~ och d'Gleck.An ~~d'Sti~~ d'Stirwe mecht mir haut neischt aus,vu Fréd datt d'Gerechtegkét agetratt ass.(Gét of)

Prenz : (de' nach ömmer we' vu sech d'Ro'sem.ukuckt,rifft.)Du bass et, jo,du bass et,mei Ro'semöndchen,dat ech vergiewens bis haut gesicht,an endlech erem fannen.(Dét em d'Handschellen aus,e werft se op de Buedem a kösst em d'Stir.)

Ro'sem.: Gesche'hen nach Wonner,odder ass er Wirklechkét? sitt dir de Prenz Dausendsche'n?

Prenz : Jo,Rosem.,de' mir d'Liewe gerett hat,ech sin et selwer?Geseis de de,de ' gudd Böschfra hat d'Wo'recht gesot.Dei Liewe verdank dengen treise Wichtelcher,de mech sichekomm sin.Nuecht an Dag hun ech Gott gebied,dech mir z'erhalen,an elo endlech,endlech hun ech dech erem fonnt.Komm,ge'h mat bei meng Elteren op d'Schlass , d'Kro'n wart do scho lang op hir Kinigin!

Ro'sem.: O,we' sin ech gleckleeh un denger Seit(kreischt vu Fréd.)

Prenz : Ro'sem. du kreischs,ech bieden dech,keng Tre'n op dem Dag wo' ech dech erem fonnt hun.Dén Dag get an de Kalenner geschriewen an e soll all Joer gro'ss gefeiert gin.Kuck,hei ass och dei Kränzchen,dén hun ech emmer um Hierz gedroen.(E weist en.)

Ro'sem. : O jo,et ass en!

Prenz : Gew,e behällt seng Platz,an dohém könnt en an eng Rumm an e soll ons e'weg un ons Kandhét ereneren!(E stecht en hanescht.)

8.OPTRETT.

Meki :(D'Wichtel komme mam Hochzeitskléd)
Eng Kron puer Gold,e Kléd, reng Seid
Brengen zur Hochzeit deng kleng Leit.

Schnuki : Mir selwer hu gemach dat Kléd,
A welle kucke we' et dir gét.

Nuki : An hei de Voile,gew gudd drop uecht,
Dén huet de Wichtelkinek fir dech bruecht.

Bommel : De' Blummen,hei,du hirzecht Kand,
Huel als Geschenk aus Wichtelhand!

Ro'sem, : O we' prächteg hu meng le'w Frönn mech ausgestatt!We' soll ech mech bei Iech eigentlech bedanken?Er He'ft an Er Guddhét war ze gro'ss an ze edel!

Meki : O Ro'sem, verlang vun ons d'Sonn vum Himmel,mir brengen dir se a mir hu fonnt,dass de so' besser zum Prenz passe gengs.

Ro'sem, : (Recht de Wichtel d'Hand)Dausendmol merci,dir sollt och e'weg bei ons verke'eren,mir werden ons Frendschaft treu erhâlen!

Prenz : Durf och ech mech bedanken bei Iech fir alles,wat dir fir ons gemacht.Dese Renk brengt erem Kinek als Dank an dir sitt alleguer zur Hochzeit agelueden

Wichtel : Vive,vive, de Prenz Dausendsche'n, he'ch d'Prinzessin Ro'semöndchen!
(Meki schle't d'Koplabunz.)

RIDO .

Koli —

## Wîchtellidder

1) Ufank vum 3 Akt.

Mir sin de' kleng Wîchtelcher mat ganz ro't Gesîchtelcher
mat ganz fleissegen Hännercher si mir keng flott Männercher
trotz eise lânge Bärt dach kén Mönch ons färt
An der schwarzer Nuecht, wann alles ass zur Ro'
Ze'e mir op d'Wuecht a greife wâkreg zo'
Mir sin de' kleng Wîchtelcher mat ganz rô't Gesichtelcher
mat ganz fleissegen Hännercher si mir keng flott Männercher
trotz eise lânge Bärt dach ké Mönch ons färt.

2) ge'nt de Schluss vum 3.Akt.

1. Kling kling klang, pinkepank no der Arbecht de Gesank
Wîchtelcher a schwarzer De'ft wösse wo' de Reichtum schle(ft
Wôhtelcher vill dausend Jor man zu Kuel wat Bösch mol war
kling kling klang, pinkepank schall mein Lidd beimHummerklank.

2. Kling kling klang, pinkepank Wîchtelcher beim Hummerklank
gruewen, wullen o'ni Ro' hinne stét en Dänzchen zo'
Allzeit Arbecht a Verdross séle Spill a Fro'genoss
Kling kling klang,pinkepank no der Arbecht de Gesank.

3. Kling kling klang, pinkepank No der Arbecht de Gesank
Eweg si mir op de Bén klappe Gäng duerch Kuel a Stén
Wîchtelcher nach dausend Joer Man zu gold wat Kuel mol wor
kling kling klang,pinkepank schall mei Lidd beim Hummerklank.

3) Schlusslidd(nom 4.Akt)

Vive Vive Vive, Prenz Dausendsche'n soll liewen
Vive Vive Vive d'Prinzessin och derniewent
Strét e Blummen zu de Fe'ss
sangt e Lidder, brengt e Gre'ss
sangt e Lidder, brengt e Gre'ss
haut zu hirem sche'nsten Dag
haut zu hirem sche'nsten Dag
Vive vive vive Prenz Dausendsche'n soll liewen
Vive vive vive d'Prinzessin ovh der niewend
Vive Vive Vive .